CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 JAN. 2020
1724

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister weider ze leeden.

De Schwammunterrecht ass fir d' Kanner e grousse Spaass- fir d' Enseignanten allerdéngs oft eng Erausfuerderung besonnesch wann si mat deene klengen aus dem C1 schwamme ginn. Eng Klass vun oft 15-18 Schüler gläichzäiteg ze superviséieren, duschen an hëllefen unzedoe fuerdert Konzentratioun a Multitasking-Fäegkeete vum Léierpersonal.

An deem Kontext wëlle mir folgend Froen un de Minister stellen:

- Wéi vill Spillschoulsklasse gi schwammen?
- Wéi vill Schüler sinn an der Moyenne an enger Klasse vum C1?
- Ass de Minister der Meenung dat 1 Persoun duergeet vir eng ganz Klass wärend dem Schwammunterrecht (besonnesch virum Cour an nom Cour) ze encadréieren?
- Ass de Minister net der Meenung dat d' Presenz vun enger weiderer Begleetpersoun och am Interessi vun der Sécherheet vum Kand wier?
- Gedenkt de Minister d' Méiglechkeet vun enger weiderer Begleetpersoun dem Léierpersonal unzebidden?
- Wa jo, iwwerhëlt de Ministère déi zousätzlech Chargen ?

Mat déiwem Respekt,

Françoise Hetto

Nancy Arendt

Deputeiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1724 vu den honorabele Deputéierte Françoise Hetto an Nancy Arendt**

**Ad 1)**

71,72 % vun de Schoulklassen, an deene Kanner aus de Cyclen 1.1 a 1.2 scolariséiert sinn, gi reegelméisseg schwammen.

**Ad 2)**

15 Kanner sinn aktuell am Duerchschnëtt an de Klasse vun de Cyclen 1.1 an 1.2 ageschriwwen.

**Ad 3)**

Laut de legislativen Dispositiounen (*Règlement grand-ducal du 31 juillet 1990 établissant des mesures de sécurité dans l'intérêt de la natation scolaire*) ënnerläit d'Surveillance am Vestiaire virun allem dem Enseignant, deen de Schwammunterrecht assuréiert. Ausserdeem ass d'Personal aus der Schoulschwämm och autoriséiert, fir d'Ëmsetzung vum Règlement d'ordre intérieur vun der Schwämm mat ze surveilléieren a gegebenefalls mat ze intervenéieren.

Dacks ass net een Enseignant eleng mat senger Klass an der Schwämm, mä et gi méi Klasse matenee schwammen. Esou steet dann och méi Personal fir d'Surveillance an de Vestiairë bereet an et ass dann och gängeg Praxis, datt d'Enseignanten een deen anere bei der Surveillance ënnerstëtzen.

Des Weidere besteet och d'Méiglechkeet, datt ee Kand mat spezifesche Besoine wärend dem Schwammunterrecht vun engem Member aus der Équipe pédagogique oder engem Member aus der Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (ESEB) zousätzlech encadréiert gëtt.

**Ad 4+5)**

Am Kader vum Schwammunterrecht ass laut dem Artikel 9 vum virdrun zitéierte Reglement virgesinn, datt nieft dem Personal, dat fir den Encadrement wärend dem Unterrecht suergt, op d'mannst een zousätzleche Schwammmeeschter mat beim Baseng ass, fir d'Surveillance générale an der Schwämm ze assuréieren. D'Gemeng huet d'Méiglechkeet, fir direkt méi Schwammmeeschteren an der Schwämm ze engagéieren, fir d'Titulairë vum Schwammcours beim Developpement vun de Kompetenze vun de Kanner, déi nach net schwamme kënnen, ze ënnerstëtzen. De Staat bedeelegt sech am Fall vun der Interventioun vun de Schwammmeeschteren un de Fraisen, déi duerch hir Präsenz entstinn an ënnerstëtzt domat d'Assistenz vum Léierpersonal duerch zousätzlecht Personal an der Schwämm.